DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Famill, fir d'Solidaritéit, fir d'Zesummeliewen a fir den Accueil weiderzeleeden:

*„Rezent huet déi däitsch Familljeministesch eng Studie virgestallt, déi sech mam Thema vun der Einsamkeet an hire sozialen a gesondheetleche Konsequenze beschäftegt. Einsamkeet géif effektiv ëmmer méi zu engem seriöse gesellschaftleche Probleem. An Däitschland wiere Millioune Leit betraff an dofir gëtt gekuckt, fir divers Hëllefsefforten unzebidden.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Famill, fir d'Solidaritéit, fir d'Zesummeliewen a fir den Accueil follgend Froe stellen:*

- *Wéi gesäit den Här Minister d'Problematik vun der Einsamkeet hei zu Lëtzebuerg?*
- *Wéi eng Mesüren hëlt de Familljeministère fir de Phänomen vun der Vereinsamung, besonnesch am Alter, ze bekämpfen?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Mandy MINELLA
Deputéiert